# Séance publique du 23 septembre 2026

Ëffentlech Sëtzung vum 23. September 2026

**Annonce publique / Ëffentlech Bekanntmaachung :**
15 septembre 2026 / 15. September 2026

**Convocation / Convocatioun :**
15 septembre 2026 / 15. September 2026

**Présents / Present :**
Romain Kill, bourgmestre
René Ernst, échevin
Peggy Olinger, échevine
Sonja Barthel, conseillère
Tracy Bloomer, conseillère
Nicolas Dicken, conseiller
Romain Dicken, conseiller
Francine Ernster, conseillère
Luc Mangen, conseiller
Tamara Mangerich, secrétaire communale f.f.

**Fonctionnaires / Beamten :**
Romaine Rassel
Claude Streef

**Excusés / Entschëllegt :**
/

---

## En séance publique :

### 1. Informations au conseil communal

La première séance après les vacances d'été a été ouverte par Monsieur le bourgmestre Romain KILL, en dressant un bilan des réunions et manifestations qui se sont déroulées depuis la dernière séance du conseil communal :

- 22 juillet 2026 : réunion au Ministère des Finances concernant le financement de la nouvelle école fondamentale avec salle pour l'éducation physique;
- 24 juillet 2026 : rendez-vous auprès de la Banque Internationale de Luxembourg au sujet d'une proposition de financement du projet précité (deux autres propositions seront demandées auprès d'autres instituts bancaires) ;
- 25 juillet 2026 : 60ème anniversaire des Domaines Vinsmoselle ;
- 6 août 2026 : entretiens d'embauche pour les postes d'ouvriers vacants ;
- 6 août 2026 : commémoration d'Hiroshima à Belval ;
- 15 septembre 2026 : séance de travail du conseil communal ;
- 16 septembre 2026 : réunion avec l'Office national d'inclusion sociale au sujet d'une mesure d'activation de travaux d'utilité collective ;
- 18 septembre 2026 : distribution de lunchboxes dans le cadre du pacte climat aux élèves de l'école fondamentale ;
- 19 septembre 2026 : fête du vivre-ensemble au Centre culturel de Dalheim.

### 2. « Duelemer Buch » – fixation du prix de vente

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, de fixer le prix de vente au public du livre d'histoire locale et du patrimoine intitulé « Gemeng Duelem: Hir Leit, hir Geschicht, hire

## Ëffentlech Sëtzung:

### 1. Informatiounen un de Gemengerot

Déi éischt Sëtzung no der Summervakanz gouf vum Här Buergermeeschter Romain KILL opgemaach, woubäi hien e Bilan vun de Reuniounen a Manifestatioune gezunn huet, déi zanter der leschter Sëtzung vum Gemengerot stattfonnt hunn:

- 22. Juli 2026: Reunioun mam Finanzministère betreffend de Finanzement vun der neier Schoul mat Turnsall;
- 24. Juli 2026: Rendez-vous bei der Banque Internationale de Luxembourg betreffend eng Propositioun fir de Finanzement vum uewe genannte Projet (et ginn nach 2 weider Offere bei anere Banken ugefrot);
- 25. Juli 2026: 60. Anniversaire vun den Domaines Vinsmoselle;
- 6. August 2026: Virstellungsgespréicher fir déi fräi Aarbechterposten;
- 6. August 2026: Commemoratioun Hiroshima um Belval;
- 15. September 2026: Aarbechtssëtzung vum Gemengerot;
- 16. September 2026: Reunioun mam „Office national d'inclusion sociale" iwwert eng Aktivatiounsmesure fir gemengnëtzeg Aarbechten;
- 18. September 2026: Verdeele vu Schmierekëschten am Kader vum Klimapakt un d'Schülerinnen a Schüler vun der Grondschoul;
- 19. September 2026: Fest vum Zesummeliewen am Centre Culturel Duelem.

### 2. Duelemer Buch - Festsetze vum Verkafspräis

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, de Verkafspräis fir de Public vum lokale Geschichtsbuch mam Titel „Gemeng Duelem: Hir Leit, hir Geschicht, hire Patrimoine" (onzertrennleche Set vun 2 Bänner) op 50,00 € festzesetzen.

Patrimoine » (ensemble indissociable de 2 volumes) à 50,00 €.

**3. Manifestations et activités organisées par la commune**

**3.1. Règlement-taxe relatif aux droits d'entrée et aux frais d'inscription aux manifestations et activités organisées par la commune**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'adopter le nouveau règlement-taxe relatif aux droits d'entrée et aux frais d'inscription aux manifestations et activités organisées par la Commune de Dalheim.

**3.2. Fixation des manifestations et activités payantes pour la saison 2026/2027**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité :

- d'inscrire le « Kultursummer 2027 », à l'exception du concert organisé dans le cadre du projet Interreg Memoria Romana, sur la liste des manifestations payantes ;
- de fixer la tarification des cours de Pilates.

**4. Transport à la demande « Ruffbus » – décision de principe relative à la poursuite du service**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, de ne pas donner suite au service de transport individuel à la demande « Ruffbus Duelemer Adler » et d'y mettre définitivement fin à l'échéance du contrat / de la phase de test en cours.

**5. Modification des statuts de syndicats intercommunaux**

**5.1. Approbation de la modification des statuts du SIAS**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'approuver la modification des statuts du Syndicat intercommunal à vocation multiple – SIAS.

**5.2. Approbation de la modification des statuts du SIAER**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'approuver les nouveaux statuts du Syndicat intercommunal « SIAER – Triangle Vert ».

**6. Projets**

**6.1. Renouvellement du chauffage de l'église de Dalheim et mise en place d'un réseau de chaleur**

**6.1.1. Présentation de l'étude de faisabilité relative au renouvellement du chauffage de l'église de Dalheim et à la mise en place d'un réseau de chaleur**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité :

- de prendre acte de l'étude de faisabilité établie par le bureau Schroeder & Associés S.A. ;
- de prendre acte du remplacement à court terme de l'installation existante par une nouvelle chaudière à condensation au gaz, comme solution temporaire ;
- de prendre acte et de poursuivre l'analyse et la planification de la mise en place d'un réseau de

**3. Vun der Gemeng organiséiert Manifestatiounen an Aktivitéiten**

**3.1. Taxereglement iwwert d'Entréespräisser an d'Aschreiwungskäschte fir Manifestatiounen an Aktivitéiten**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, dat neit Taxereglement iwwert d'Entréespräisser an d'Aschreiwungskäschte fir Manifestatiounen an Aktivitéiten, déi vun der Gemeng Duelem organiséiert ginn, unzehuelen.

**3.2. Festsetze vun de käschteflichtege Manifestatiounen an Aktivitéite fir d'Saison 2026/2027**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- de Kultursummer 2027 op d'Lëscht vun de käschteflichtege Manifestatiounen ze setzen, ausser de Concert, deen am Kader vum Interreg Projet Memoria Romana organiséiert gëtt;
- d'Tarifikatioun vun de Pilates-Coure festzesetzen.

**4. Ruffbus – Grondsätzlech Decisioun iwwert d'Viruféiere vum Service**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, de Service „Ruffbus Duelemer Adler" net weiderzeféieren an no der Echeance vum Kontrakt, respektiv vun der lafender Testphase, definitiv anzestellen.

**5. Ännerung vun de Statute vun interkommunale Syndikater**

**5.1. Unhuele vun der Ännerung vun de Statute vum SIAS**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Ännerung vun de Statute vum interkommunale Syndikat SIAS, unzehuelen.

**5.2. Unhuele vun der Ännerung vun de Statute vum SIAER**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, déi nei Statute vum interkommunale Syndikat „SIAER – Triangle Vert", unzehuelen.

**6. Projeten**

**6.1. Ersetze vun der Heizung vun der Duelemer Kierch an Aféiere vun engem Wärmenetz**

**6.1.1. Virstellung vun der Maachbarkeetsstudie betreffend d'Ersetze vun der Heizung vun der Duelemer Kierch an Aféiere vun engem Wärmenetz**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- d'Maachbarkeetsstudie, déi vum Büro Schroeder & Associés S.A. erstallt gouf, z'aktéieren;
- d'kuerzfristegt Ersetze vun der besteeënder Installatioun duerch en neie Gasbrennwertkessel, als temporär Léisung, z'aktéieren;
- d'Analys an d'Plange vum Aféiere vun engem Wärmenetz fir méi Gemengegebaier ze versuergen,

chaleur destiné à alimenter plusieurs bâtiments communaux, dont l'église de Dalheim.

**6.1.2. Renouvellement urgent du chauffage de l'église de Dalheim - confirmation du type de chauffage et vote d'un crédit supplémentaire**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité :

- d'approuver le renouvellement urgent de l'installation de chauffage de l'église de Dalheim par la solution d'une chaudière à condensation au gaz;
- d'approuver le projet de renouvellement de l'installation de chauffage sur base de la solution retenue et du coût prévisionnel établi dans l'étude de faisabilité, s'élevant à 28.435,00 € HTVA, soit 33.269,00 € TTC ;
- de charger le collège des bourgmestre et échevins de l'exécution de la présente décision et d'entreprendre les démarches nécessaires en vue de la réalisation des travaux dans les meilleurs délais.

**6.1.3. Mise en place d'un réseau de chaleur – approbation du contrat d'ingénieur technique**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité :

- d'approuver l'offre de services n° 26cso15041 / 26/1364 du 4 septembre 2026 du bureau Schroeder & Associés S.A. relative à l'étude de faisabilité de la création d'un réseau de chaleur urbain avec centrale de production destiné à alimenter les bâtiments communaux existants et projetés aux alentours du site des festivités ;
- de charger le collège des bourgmestre et échevins de signer le contrat correspondant et d'assurer l'exécution et le suivi de la mission.

**6.2. Rafraîchissement du bâtiment de la Maison relais avec salles destinées à l'éducation précoce**

**6.2.1. Approbation du contrat d'ingénieur technique et création d'un article budgétaire**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité :

- d'approuver l'offre de services d'ingénieur en génie technique du bureau RMC Consulting s.à r.l. du 2 septembre 2026 relative aux études et au suivi du chantier d'une installation de production de froid actif avec les équipements accessoires et la régulation électronique dans le bâtiment de la Maison relais avec salles pour l'éducation précoce existant à Dalheim, pour des honoraires estimés à 24.196,20 € HTVA, soit 28.309,55 € TTC ;
- de créer au budget de l'exercice 2026 le nouvel article budgétaire 4/242/221311/27001 – Installation d'une production de froid actif de la Maison relais avec salles pour l'éducation précoce existante à Dalheim ;
- de voter à cet article un crédit supplémentaire de 30.000,00 € destiné à couvrir les honoraires d'études relatifs à cette première phase du projet ;
- de financer ledit crédit supplémentaire par une diminution de crédit de 30.000,00 € en provenance

dorënner och d'Duelemer Kierch, z'aktéieren a weiderzeféieren.

**6.1.2. Dréngenden Ersatz vun der Heizung vun der Duelemer Kierch – Bestätege vum Typ vun Heizung a Stëmme vun engem Zousazkredit**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- dat dréngend Ersetze vun der Heizungsinstallatioun vun der Duelemer Kierch duerch e Gasbrennwertkessel, unzehuelen;
- de Projet fir d'Ersetze vun der Heizungsinstallatioun op Basis vun der festgehalener Léisung a fir e viraussichtleche Präis vun 28.435,00 € HTVA (33.269,00 € TTC), unzehuelen;
- de Schäfferot mat der Ausféierung vun dëser Decisioun ze beoptragen an och fir déi entspriechend Demarchen ze huele fir dass d'Aarbechten sou séier wéi méiglech realiséiert ginn.

**6.1.3. Aféiere vun engem Wärmenetz – Approbatioun vum techneschen Ingenieurskontrakt**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- d'Offer Nummer 26cso15041 / 26/1364 vum 4. September 2026 vum Büro Schroeder & Associés S.A., fir d'Maachbarkeetsstudie fir d'Schafe vun engem Wärmenetz mat enger Produktiounszentral fir d'Versuergung vun de besteeënde Gemengegebaier an och d'Alentoure vum Festivitéitssite, unzehuelen;
- de Schäfferot ze beoptrage fir den entspriechende Kontrakt z'ënnerschreiwen an d'Ausféieren an de Suivi vun der Missioun z'assuréieren.

**6.2. Killung vum Gebai vun der Maison relais mat de Säll vum Precoce**

**6.2.1. Approbatioun vum techneschen Ingenieurskontrakt a Schafe vun engem Budgetsartikel**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- d'Offer vum 2. September 2026 vum Büro RMC Consulting s.à r.l., fir d'Etuden an de Suivi vun der Installatioun vun engem aktive Killsystem mat de néidegen Equipementer an enger elektronescher Steierung am besteeënde Gebai vun der Duelemer Maison relais mat de Säll vum Precoce, fir geschätzten Honoraireskäschte vu 24.196,20 € HTVA (28.309,55 € TTC), unzehuelen;
- am Budget 2026 de neie Budgetsartikel 4/242/221311/27001 – „Installation d'une production de froid actif de la Maison relais avec salles pour l'éducation précoce existante à Dalheim" ze schafen ;
- op dësem Artikel en zousätzleche Kredit vun 30.000,00 € ze stëmmen, fir d'Honoraire vun der Etude vun der éischter Phase vum Projet ze decken;
- dësen zousätzleche Kredit duerch eng Kierzung vun 30.000,00 € um Artikel 4/590/221311/20009 –

de l’article 4/590/221311/20009 – Assainissement énergétique des bâtiments communaux.

**6.2.2. Approbation du projet et vote d’une modification budgétaire**

Le conseil communal a décidé, à l’unanimité :

- d’approuver le projet relatif à l’installation de production de froid actif dans la Maison relais avec salles pour l’éducation précoce existante à Dalheim;
- d’approuver le devis estimatif y relatif, établi par RMC Consulting s.à r.l. en date du 7 septembre 2026, pour un montant global de 290.000,00 € TTC ;
- de charger le Collège des bourgmestre et échevins de procéder aux démarches nécessaires à la réalisation du projet conformément aux dispositions légales et réglementaires applicables.

**6.3. Rafraichissement du bâtiment modulaire**

**6.3.1. Approbation du contrat d’ingénieur technique et création d’un article budgétaire**

Le conseil communal a décidé, à l’unanimité :

- d’approuver l’offre de services d’ingénieur en génie technique du bureau RMC Consulting s.à r.l. du 2 septembre 2026 relative aux études et au suivi du chantier avec réception de l’installation de production de froid actif du bâtiment modulaire existant à Dalheim, pour des honoraires estimés à 13.260,16 € HTVA, soit 15.514,39 € TTC ;
- de créer au budget de l’exercice 2026 le nouvel article budgétaire 4/910/221311/27002 – Installation d’une production de froid actif du bâtiment modulaire existant à Dalheim ;
- de voter à cet article un crédit supplémentaire de 16.000,00 € destiné à couvrir les honoraires d’études relatifs à cette première phase du projet ;
- de financer ledit crédit supplémentaire par une diminution de crédit de 16.000,00 € en provenance de l’article 4/590/221311/20009 – Assainissement énergétique des bâtiments communaux.

**6.3.2. Approbation du projet et vote d’une modification budgétaire**

Le conseil communal a décidé, à l’unanimité :

- d’approuver le projet relatif à l’installation de production de froid actif dans le bâtiment modulaire existant à Dalheim ;
- d’approuver le devis estimatif y relatif, établi par RMC Consulting s.à r.l. en date du 7 septembre 2026, pour un montant global arrondi de 150.000,00 € TTC;
- de charger le Collège des bourgmestre et échevins de procéder aux démarches nécessaires à la réalisation du projet conformément aux dispositions légales et réglementaires applicables.

**6.4. Rafraichissement de la nouvelle école de Dalheim avec salle pour l’éducation physique en construction – approbation du projet supplémentaire**

Le conseil communal a décidé, à l’unanimité :

„Assainissement énergétique des bâtiments communaux“, ze finanzéieren.

**6.2.2. Approbatioun vum Projet a Stëmme vun enger Budgetsännerung**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- de Projet fir d’Installatioun vun engem aktive Killsystem an der Maison relais mat de Säll vum Precoce, unzehuelen;
- de geschätzten Devis vum 7. September 2026 vun RMC Consulting s.à r.l. fir e Gesamtbetrag vun 290.000,00 € TTC, unzehuelen;
- de Schäfferot ze beoptrage fir déi néideg Demarchen ze huele fir de Projet am Aklang mat de legalen Dispositiounen a Reglementer ze realiséieren.

**6.3. Killung vum Modulbau**

**6.3.1. Approbatioun vum techneschen Ingenieurskontrakt a Schafe vun engem Budgetsartikel**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- d’Offer vum 2. September 2026 vum Büro RMC Consulting s.à r.l., fir d’Etuden an de Suivi vun der Installatioun vun engem aktive Killsystem am besteeënde Modulbau zu Duelem, fir geschätzten Honoraireskäschte vun 13.260,16 € HTVA (15.514,39 € TTC), unzehuelen;
- am Budget 2026 de neie Budgetsartikel 4/910/221311/27002 – „Installation d’une production de froid actif du bâtiment modulaire existant à Dalheim “ ze schafen ;
- op dësem Artikel en zousätzleche Kredit vu 16.000,00 € ze stëmmen, fir d’Honoraire vun der Etude vun der éischter Phase vum Projet ze decken;
- dësen zousätzleche Kredit duerch eng Kierzung vu 16.000,00 € um Artikel 4/590/221311/20009 – „Assainissement énergétique des bâtiments communaux“, ze finanzéieren.

**6.3.2. Approbatioun vum Projet a Stëmme vun enger Budgetsännerung**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- de Projet fir d’Installatioun vun engem aktive Killsystem am besteeënde Modulbau zu Duelem, unzehuelen;
- den Devis vum 7. September 2026 vun RMC Consulting s.à r.l. fir e Gesamtbetrag vu ronn 150.000,00 € TTC, unzehuelen;
- de Schäfferot ze beoptrage fir déi néideg Demarchen ze huele fir de Projet am Aklang mat de legalen Dispositiounen a Reglementer ze realiséieren.

**6.4. Killung vun der neier Schoul mat Turnsall zu Duelem – Approbatioun vum zousätzleche Projet**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- d'approuver le projet supplémentaire relatif à la réalisation d'un système de rafraîchissement de la nouvelle école fondamentale avec salle pour l'éducation physique en construction à Dalheim ;
- d'approuver le devis estimatif y relatif pour un montant total de 329.000,00 € HTVA, soit 384.930,00 € TTC.

**6.5. Aménagement d'un site pour festivités avec locaux de stockage pour les associations locales, le service forestier et le service technique à Dalheim**

**6.5.1. Approbation du contrat d'architecte relatif à l'élaboration de l'avant-projet sommaire, de l'avant-projet définitif et du projet définitif détaillé**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité :

- d'approuver le contrat d'architecte du bureau Theisen Architectes s.à r.l. relatif à l'élaboration de l'avant-projet sommaire, de l'avant-projet détaillé et du projet définitif détaillé dans le cadre de l'aménagement du site des festivités avec locaux de stockage pour les associations locales, le service forestier et le service technique à Dalheim, pour des honoraires forfaitaires de 77.187,94 € HTVA, soit 90.309,89 € TTC ;
- de charger le collège échevinal de la signature de l'offre.

**6.5.2. Approbation du contrat d'ingénieur en génie civil/statique relatif à l'élaboration de l'avant-projet sommaire, de l'avant-projet définitif et du projet définitif détaillé**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité :

- d'approuver le contrat d'ingénieur du bureau BEST Ingénieurs-Conseils relatif aux prestations de génie civil et de statique dans le cadre de l'aménagement du site des festivités avec locaux de stockage pour les associations locales, le service forestier et le service technique à Dalheim, pour un montant de 61.723,62 € HTVA, soit 72.216,63 € TTC ;
- de charger le collège échevinal de la signature de l'offre.

**6.5.3. Approbation du contrat d'ingénieur relatif à l'aménagement des alentours et des ouvrages de rétention, dans le cadre du projet de réaménagement de la « Kierlingerstrooss » et des rues adjacentes avec pose d'une axe d'eaux pluviales à Dalheim, au lieut-dit « Kierlingen »**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité :

- d'approuver l'offre de prestations et d'honoraires du bureau Schroeder & Associés S.A. du 3 septembre 2026 relative aux travaux d'infrastructures dans le cadre de l'aménagement du site des festivités avec locaux de stockage pour les associations locales, le service forestier et le service technique à Dalheim, pour un montant de 69.100,00 € HTVA, soit 80.847,00 € TTC ;
- de charger le collège échevinal de la signature de l'offre.

- den zousätzleche Projet fir d'Realisatioun vun engem Killsystem vun der neier Schoul mat Turnsall zu Duelem, unzehuelen;
- de geschätzten Devis fir e Gesamtbetrag vun 329.000,00 € HTVA (384.930,00 € TTC), unzehuelen.

**6.5. Amenagement vun engem Festivitéitssite zu Duelem mat Lagerraim fir d'Veräiner, d'Naturverwaltung an de Service technique**

**6.5.1. Approbatioun vum Architektekontrakt fir d'Ausschaffe vum Avant-Projet sommaire, vum Avant-Projet définitif a vum Projet définitif détaillé**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- den Architektekontrakt vum Büro Theisen Architectes s.à rl. fir d'Ausschaffe vum Avant-Projet sommaire, vum Avant-Projet détaillé a vum Projet définitif détaillé am Kader vum Amenagement vun engem Festivitéitssite zu Duelem mat Lagerraim fir d'Veräiner, d'Naturverwaltung an de Service technique, fir 77.187,94 € HTVA (90.309,89 € TTC), unzehuelen;
- de Schäfferot ze beoptrage fir d'Offer z'ënnerschreiwen.

**6.5.2. Approbatioun vum Ingenieurskontrakt Génie Civil/Statik fir d'Ausschaffe vum Avant-Projet sommaire, vum Avant-Projet définitif a vum Projet définitif détaillé**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- den Ingenieurskontrakt vum Büro BEST Ingénieurs-Conseils fir d'Prestatioune vum Génie Civil an der Statik am Kader vum Amenagement vun engem Festivitéitssite zu Duelem mat Lagerraim fir d'Veräiner, d'Naturverwaltung an de Service technique, fir e Betrag vun 61.723,62 € HTVA (72.216,63 € TTC), unzehuelen;
- de Schäfferot ze beoptrage fir d'Offer z'ënnerschreiwen.

**6.5.3. Approbatioun vum Ingenieurskontrakt fir d'Gestaltung vun den Alentouren an der Retentioun, am Kader vum Reamenagementsprojet vun der Kierlingerstrooss an den ugrenzende Stroossen, mat der Verleeung vun enger Reewaasserachs zu Duelem, op der Plaz genannt Kierlingen**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- d'Offer vum Büro Schroeder & Associés S.A vum 3. September 2026 fir d'Infrastrukturaarbechten am Kader vum Amenagement vun engem Festivitéitssite zu Duelem mat Lagerraim fir d'Veräiner, d'Naturverwaltung an de Service technique, fir e Betrag vun 69.100,00 € HTVA (80.847,00 € TTC), unzehuelen;
- de Schäfferot ze beoptrage fir d'Offer z'ënnerschreiwen.

**7. Conventions et contrats**

**7.1. Accord environnemental collecte relatif aux déchets d'équipements électriques et électroniques provenant des ménages**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité :

- d'approuver l'accord environnemental relatif à la collecte des déchets d'équipements électriques et électroniques provenant des ménages ;
- de charger le collège échevinal de la signature de l'accord mentionné ci-dessus.

**7.2. Convention prestation de services cours de pilates**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité :

- d'approuver la convention de prestation de services à conclure entre l'Administration Communale de Dalheim et Madame Corinne MERTENS-ZYBER pour l'organisation et la dispense de cours collectifs de Pilates durant la saison 2026/2027 (du 1er octobre 2026 au 15 juillet 2027) ;
- de charger le Collège échevinal de signer la convention précitée ainsi que tous les actes et documents y relatifs ;
- de décider la création de l'article budgétaire 3/810/613482/99001 intitulé « Cours récurrents organisés par la commune » afin d'y imputer les dépenses y relatives ;
- de diminuer le crédit de l'article 3/120/618820/Z/99001 Frais de formation de 1.600 € et d'augmenter le crédit de l'article budgétaire 3/810/613482/99001 intitulé « Cours récurrents organisés par la commune » de 1.600 €.

**8. Décomptes de travaux**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'approuver en bloc les décomptes finaux des travaux suivants :

- Stabilisation des accotements dans le chemin Stengenerbësch (référence 25006)
  Total des devis approuvés : 0,00 €
  Total de la dépense effective : 92.457,23 €
- Assainissement, démolition et décontamination maison Dalheim 34, Kettegaass (référence 25007)
  Total des devis approuvés : 150.000,00 €
  Total de la dépense effective : 129.604,36 €

**9. Autorisation d'ester en justice en vue du recouvrement de créances impayées**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'autoriser le collège échevinal à ester en justice aux fins d'obtenir la condamnation et le recouvrement forcé des factures impayées.

**10. Concession cimetière**

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'accepter la reprise de la moitié de la concession AC250.

**7. Konventiounen a Kontrakter**

**7.1. Ëmweltaccord betreffend d'Sammele vun Elektro- an Elektronik-Apparater aus private Stéit**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- den Ëmweltaccord betreffend d'Sammele vun Elektro- an Elektronik-Apparater aus private Stéit, unzehuelen;
- de Schäfferot ze beoptrage fir den uewe genannten Accord z'ënnerschreiwen.

**7.2. Déngschtleeschtungskonventioun fir Pilatescoursen**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss:

- d'Déngschtleeschtungskonventioun tëscht der Gemeng Duelem an der Madamm Corinne MERTENS-ZYBER fir d'Organisatioun an d'Ofhale vu Pilatescoursen am Laf vun der Saison 2026/2027 (vum 1. Oktober 2026 bis 15. Juli 2027), unzehuelen;
- de Schäfferot ze beoptrage fir déi uewe genannte Konventioun an all domat verbonnen Dokumenter z'ënnerschreiwen;
- de Budgetsartikel 3/810/613482/99001 „Cours récurrents organisés par la commune" ze schafen, fir all déi verbonnen Depensen drop ze buchen;
- de Kredit um Artikel 3/120/618820/Z/99001 „Frais de formation" ëm 1.600 € ze reduzéieren an de Kredit um Budgetsartikel 3/810/613482/99001 „Cours récurrents organisés par la commune" ëm 1.600 € eropzesetzen.

**8. Dekonte vun Aarbechten**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, duerch eng global Ofstëmmung, follgend final Dekonte vun den Aarbechten, unzehuelen:

- Stabilisatioun vum Summerwee Stengenerbësch (Referenz 25006)
  Total vun den approuvéierten Devisen: 0,00 €
  Total vun der effektiver Ausgab: 92.457,23 €
- Sanéierung, Demolitioun an Dekontaminatioun vum Haus op 34, Kettegaass Duelem (Referenz 25007)
  Total vun den approuvéierten Devisen: 150.000,00 €
  Total vun der effektiver Ausgab: 129.604,36 €

**9. Autorisatioun fir geriichtlech kënne virzegoe fir d'Andreiwe vun onbezuelte Rechnungen**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, de Schäfferot z'autoriséiere fir geriichtlech virzegoe fir d'Andreiwe vun onbezuelte Rechnungen.

**10. Kierfechtkonzessioun**

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Reprise vun der Hallschent vun der Kierfechtkonzessioun AC250, unzehuelen.

## 11. Fermage

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, dans le cadre du pacte nature, d'approuver le contrat de bail à ferme conclu avec Monsieur René FRIEDRICH-DRIESCH, portant sur des parcelles communales d'une contenance totale de 190 ares et 10 centiares.

## 12. Règlement de circulation à caractère temporaire dans les rues « Lëtzebuergerstrooss » et « Munneräferstrooss » à Filsdorf

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, d'approuver le règlement de circulation à caractère temporaire dans les rues « Lëtzebuergerstrooss » et « Munneräferstrooss » à Filsdorf tel qu'il a été pris en date du 16 septembre 2026.

## 13.a. Confirmation de règlements de circulation

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, par un vote en bloc, de confirmer les règlements de circulation à caractère temporaire suivants :

- le règlement de circulation à caractère temporaire dans les rues « Op der Huuscht » et « Am Lësgesfeld » à Welfrange tel qu'il a été pris en date du 18 septembre 2026 ;
- le règlement de circulation à caractère temporaire dans les rues « Op der Louerei » et « Heedscheierwee » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 16 septembre 2026 ;
- le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Kloosgaass » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 11 septembre 2026.

## 13.b. Confirmation de règlements de circulation

Monsieur Nicolas DICKEN, conseiller, a quitté la séance préalablement à la délibération et au vote, conformément à l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, en raison d'un intérêt direct dans l'affaire.

Le conseil communal a décidé, à l'unanimité, de confirmer le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Dräikantonstrooss » à Filsdorf tel qu'il a été pris en date du 3 septembre 2026.

## 11. Pachtvertrag

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, am Kader vum Naturpakt, de Pachtvertrag fir Gemengeparzelle mat enger Gesamtfläch vun 190 Ar an 10 Zentiar, dee mam Här René FRIEDRICH-DRIESCH ënnerschriwwe gouf, unzehuelen.

## 12. Zäitweilegt Verkéiersreglement an der Lëtzebuergerstrooss an an der Munneräferstrooss zu Fëlschdref

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Lëtzebuergerstrooss an an der Munneräferstrooss, sou wéi et geholl ginn ass de 16. September 2026, ze bestätegen.

## 13.a. Bestätege vu Verkéiersreglementer

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, duerch eng global Ofstëmmung, follgend zäitweileg Verkéiersreglementer ze bestätegen:

- dat zäitweilegt Verkéiersreglement Op der Huuscht an Am Lësgesfeld zu Welfreng, sou wéi et geholl ginn ass den 18. September 2026;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement Op der Louerei an am Heedscheierwee zu Duelem , sou wéi et geholl ginn ass de 16. September 2026;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Kloosgaass zu Duelem, sou wéi et geholl ginn ass den 11. September 2026.

## 13.b. Bestätege vu Verkéiersreglementer

Den Här Nicolas DICKEN, Conseiller, huet d'Sëtzung, wéinst engem direkten Interêt an der Affär, virun der Ofstëmmung verlooss am Aklang mam Artikel 20 vum geännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988.

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Dräikantonstrooss zu Fëlschdref, sou wéi et geholl ginn ass den 3. September 2026, ze bestätegen.